Léif Frënn vum Vëlossport,

D'CSV-Norden ass och dëst Joer bei der virtueller Editioun vu Vëlo Wëntger dobäi a mir fuere Kilometer a sammelen Don'en fir de gudden Zweck. Pro gefuerene KM spent Vëlo Wëntger 0,15 € a mir kënnen nach zousätzlech Don'en sammelen, déi vu Vëlo Wëntger un d'Wonschkutsch an un EuropaDonna weidergeleet ginn. Et ginn 3 Méiglechkeeten matzemaachen, Umellung op dësem Link : https://forms.office.com/r/pxa62CHkxK

1. Rendez-vous zu Ettelbréck den 23.07.

Mir treffen eis e Freideg, 23. Juli ëm 19:00 bei der Kierch zu Ettelbréck. Du kriss een Dossard an et gi Photoë gemaach. Em 20:00 geet et da lass, mat engem klenge gemeinsamen Tour an duerno ka jiddereen no senger Loscht a Konditioun fueren. Mir treffen eis am Uschloss op der Terrasse bei der Kierch zu Ettelbréck.

2. Rendez-vous zu Wëntger de 24.07.

Mir treffen eis och e Samschdeg, de 24. Juli ëm 16:00 bei der Schoul zu Wëntger. Dir kritt een Dossard an et gi Photoë gemaach. Em 18:00 maache mir de Bilan vun alle gefuerene Km a gesammelte Suen a iwwerreechen dësen un d'Associatioun vu Vëlo-Wëntger.

3. Rendez-vous soss iergendwou op der Welt: Rdv iwwer FB

Bass du wärend de 24 Stonnen op enger anerer schéiner Plaz am Land oder am Ausland oder wëlls doheem um Hometrainer fueren, da kanns du och matmaachen. Mëll dech um Link (uewen) un, du kriss een Dossard gemailt an da schécks du eis eng Photo vun dir an och d'Zuel vun denge Kilometer.

Mir freeën eis op dech !

De CSV Bezierk Norden

Kontaktpersoun : romy.karier@education.lu – 691 940 940